ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 3817

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister an un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Schulkantinen sollen weniger Fleisch anbieten", deen de 26. Februar 2021 op essentiel.lu publizéiert gouf, heescht et, datt de Bedreiwer vun d Schoulkantinnen an Zukunft méi Produiten aus regionaler Produktioun sollen ubidden.

Duerfir hunn ech un den Här Landwirtschaftsminister an un den Här Schoulminister folgend Nofro:

1) Op Basis vu wéi enge Verdeelungsschlëssele ginn d'Lëtzebuerger Fleesch, Uebst- a Geméisbaueren bis lo beim Beliwwere vu Restopolis berücksichtegt?
2) Wéi vill vun de Liewensmëttel déi an de Kantinne vu Restopolis verschafft ginn, kommen aktuell aus dem Ausland?
3) Aus wéi engen eenzele Länner kommen déi Liewensmëttel?
4) Wéi sinn se undeeleg op déi eenzel Länner verdeelt?
5) Wéi gëtt séchergestallt, datt Restopolis nëmme Produiten aus dem Ausland bezitt, wann kee lëtzebuergesche Fournisseur disponibel ass?
6) Hunn d'Schüler an d'Léierpersonal eng Méiglechkeet, ze consultéieren, aus wéi enger Regioun hiert Mëttegiesse staamt? Falls net, wéi soll des Transparenz zukünfteg garantéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3817 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1) an 2)**

Am Aklang mam Plan d'action national de promotion de l'agriculture biologique *PAN-BIO 2025* ass virgesinn, den Undeel vu Lëtzebuerger Produiten an eise Schoulkantinnen bis 2025 progressiv eropzesetzen.

Am Kader vum Plan d'action national de promotion de l'agriculture biologique ass et iwwregens virgesinn, den Taux vu lokale Produkter bis 2025 op 50 % ze erhéijen, woubäi 2/5 vum genannte Prozentsaz vun de Produite bio-lokal solle sinn.

35 % vun den Produkter, déi an de Schoulkantinne verschafft ginn, kommen aus Lëtzebuerg, woubäi ee bedenke muss, datt vill Produite guer net oder net an der néideger Quantitéit, Diversitéit a Reegelméissegkeet zu Lëtzebuerg fir d'Schoulkantinne vu Restopolis zur Verfügung stinn an se dowéinst aus anere Länner mussen zougefouert ginn.

**Ad 3)**

Restopolis bezitt all d'Liewensmëttel, déi net a Quantitéit oder Diversitéit zu Lëtzebuerg ze kréie sinn, bal ausschliisslech aus Länner aus Europa. Dobäi ass et fir Restopolis wichteg, datt den Transportwee sou kuerz wéi méiglech ass, fir esou d'$CO_2$-Emissiounen niddereg ze halen.

Réistoffer, déi net zu Lëtzebuerg wuessen wéi ënnert anerem Kaffi, Banannen, Räis oder Kakaoa, kritt Restopolis, wa méiglech, vu Produzenten aus dem nohaltegen Handel.

**Ad 4)**

D'Originne vun den eenzele Produkter, speziell Uebst a Geméis, ka vu Woch zu Woch änneren. Dëst ass ënnert anerem och duerch d'Saisonalitéit an d'Disponibilitéit vu de Produkter ze erklären.

**Ad 5)**

Restopolis gëtt Virgaben a Prozenter, wéi vill lokal Produkter benotzt solle ginn, a gräift esou net an de fräie Marché an, dëst am Respekt vum Gesetz iwwer d'Marchés publics.

Am Kader vum nohaltegen Engagement vu Restopolis ass virgesinn, datt, wa méiglech, lokal Produkter benotzt musse ginn. Sinn déi net verfügbar, da gëtt d'Produkt mat dem kierzten Transportwee geholl.

**Ad 6)**

De Gaascht an engem Schoulrestaurant erkennt direkt unhand vun engem Piktogramm, ob hien e Plat oder e Produkt ësst, deen aus Lëtzebuerg kënnt. Restopolis kommunizéiert reegelméisseg, wat fir eng Produkter aus Lëtzebuerg kommen.